

Lëtzebuerg, den 8. Dezember 2015

Toubib ou not to be ?

Den Enseignant als Faktotum

*Fei Leit gin zu Fouss, de Pak dee fiert mam Aut'mobil,
wee keng Fotell huet, dee setzt sech grad sou gär op d'Still.
Wie kee Piano huet dee spiltt um Mondsték mat Gefill,
jo dat kascht och net sou vill.*

Wat ass un dem ale Lidd esou verwunnerlech? Ëmmerhi gi mer jo och eist Brout op d'Tankstell kafen, ersteeën eis Wanterpneuen am Internet a ginn eis Postpäck an de Schongbuttek sichen. Do läit et no, dass ee fir dësen an dee Bobo net gläich an d'Urgence leeft. Well och wann ee sech bei eeschte Froen zu senger Gesondheet vläit selwer nach bei sengem Dokter meld, da leet een de medizineschen Encadrement vu senge Kanner dach awer gären an di kompetent Hänn vun hirem Léierpersonal.

Sou op alle Fall gesinn dat eis Ministere vun der Gesondheet an der Educatioun. Si schreiwen zu Recht an enger Instruction de service un d'Inspekteuren aus dem Fondamental, d'Direkteren aus dem Secondaire an d'Leeder vun de Structures d'accueil: «*Tout enfant ou adolescent atteint d'une maladie, d'un handicap ou d'un besoin particulier a le droit d'être accueilli dans les meilleures conditions possibles et de profiter de la scolarité au même titre que ses camarades.*» Dass dat logesch a sënnvoll ass, streit keen of. Dass et awer eidel Wieder sinn, déi en Idealzoustand beschreiwen a sécher net d'Realitéit, ass spéitstens op den zweete Bléck och kloer.

Grond genuch fir eis Ministeren, sech eppes Neies, méi Konkretes auszedenken an et „*Projet d'Accueil Individualisé*“, kuerz PAI ze nennen. «*Une procédure harmonisée a été élaborée afin de garantir un encadrement adéquat aux élèves à besoins spécifiques tout au long de leur parcours scolaire. Nous savons qu'aujourd'hui déjà, beaucoup d'élèves malades sont adéquatement encadrés à l'école ou au lycée : le but de l'instruction est de fournir un cadre précis à cet encadrement afin d'assurer le mieux possible la continuation des aides indispensables lors du séjour de l'enfant ou de l'adolescent en dehors du domicile, et de rassurer l'enfant, les parents et tous les intervenants des domaines de l'enseignement, de l'accueil ou de la santé.*»

Dat heescht zesummegefaasst: Wéi et am Moment leeft, leeft et gutt; d'Schoule këmmere sech adequat em di betraffe Schüler. Mee et brauch een ee méi konkrete Kader, fir absolut sécher kënnen ze sinn, dass et effektiv gutt leeft. An tëscht den Zeile liest een ouni Emschwäifer den Tenor vun eiser géint alles versécherter Rondrëm-suergefräi-Gesellschaft: „Wann dann awer eppes geschéie sollt, mol reng hypothetesch, wiem seng Schold wier et dann?“

Loosse mer di Fro emol am Raum stoen a kucke mer hannert d'Fassad vun dem schéine Schäin, well do gesait et wäitaus manner glorräich aus: «*L'inspecteur ou le président d'école, le directeur ou un autre membre de la direction veille à compléter le PAI en y inscrivant les personnes responsables, les mesures prises pour le cas où l'une de ces personnes serait absente, les dispositions relatives aux médicaments qui sont soit conservés sous clef dans l'établissement, soit emportés par l'enfant ou l'adolescent dans un sac ou une trousse bien identifiée. Il veille à ce que l'original du PAI soit conservé à l'établissement de façon à ce que seules les personnes autorisées y aient accès.*»

Le nom de l'enfant ou de l'adolescent ainsi que les numéros de téléphone des parents et du médecin traitant seront indiqués sur le médicament. Ce dernier est accompagné d'un registre sur lequel la personne responsable ou son remplaçant documente chaque prise. Cette personne signale sans tarder toute observation d'effets secondaires et tout autre incident aux parents, au médecin traitant et à l'équipe médico-scolaire.»

Et dierft kloer sinn, wien di glécklech Responsabel wäerte sinn, vun deenen hei geschwat gëtt. Wann een am Klassesall emkippt an eng epileptesch Kris mécht, ass et um Enseignant, Hëllef ze leeschten an Hëllef sichen ze goen. Dat ass keng Diskussiouen an och net nei, well et ass Biergerpflicht, Matbierger an enger Geforesituatioun ze hëllefén. Nei ass dee rigoréise Responsabilitéisgedanken an der Instructioun an dee ganze Waasserkapp u Pabeierkrom, den e generéiert. Kënnt Dir iech ausmolen, wien de Schlüssel zum Medikamenteschaf huet, moies oder an der Mëttespaus? Wie kontrolléiert, ob di Medikamenter net schonn ofgelaſ sinn? Wie jugéiert, wéini e Medikament ubruet ass, ob et sech em eng Kris handelt oder ob ee schwaachgefall ass, well en eng Prüfung sollt erëmkréien? Kënnt dir iech virstellen, wien an der Poche vum Schüler wulle wäert, fir seng Trousse ze fannen – an hoffe mer dass e se fénnt -, wien de Regéster vun der Medikamente-Prise wou rémfanne soll a wien d'Rapporte vun eventuellen Tëschefäll den Elteren an dem Dokter a wéi enger Form weiderleed?

Maache mer eis dach näischt vir: D'Direkteren wäerten di dote Responsabilitéit un d'Régenten an un d'Enseignanten delegéieren, an déi hu gefällegst alles ze regelen: kucken d'Medikamenter ze sammelen, ze stockéieren, èmmer derbäi ze hunn. An domadder solle se dann d'Intervenannten aus dem Beräich vun der Santé „rassérénéieren“? Sou eng geballte medizinesch Kompetenz hätt een den Enseignante guer net zougetraut. Waren d'Enseignante net ursprénglech do, fir mat de Kanner ze léieren, an ass dat net schonn eng wichteg an èmfaassend Aufgab genuch?

Mir wäerten eis da wuel dru gewinne mussen, dass d'Enseignanten nieft hirer Mappe an dem Geodräieck geschwënn och nach mam Medikamenteköfferchen duerch d'Géigend lafen, an dem se da fir all betraffene Schüler ee Kompartiment mat enger Pëllchen oder Sprëtz derbäi hunn. Natierlech ass néirens eng Foto vun deene Schüler derbäi, wahrscheinlech mol de Numm net; dat wier nun awer wierklech eng Violatioun vun der Protection des données.

De Minister schwätzt vun engem « encadrement adéquat aux élèves à besoins spécifiques ». Ass dat adequat fir de Minister Meisch, wa Kanner a jonk Leit bei hire Proff musse goen, fir dem eng Sprëtz an de Grapp ze drécken an ze erklären, dass hien hinnen am Fall vun enger epileptesch Kris déi Sprëtz muss an den Hënnschten drécken! - Dat ass kee Witz! Sou Fäll hate mer schonn am Land. All Respekt fir de Courage vun deene Kanner, mee Schan iwwert e System, den de betraffene Kanner sou en Outting zoumutt. Lo weess, lo muss dann demnächst jiddereen am Corps enseignant wëssen, wat wéi ee Schüler u Krankheet oder Beschwierden huet. Vill méi Exhibitionismus verlaagt och Facebook net.

Mee loosse mer vläit verstänneg bleiwen. All Enseignant wäert selbstverständlech säi Méiglechst maachen, fir an all wéi och èmmer gearte Fall Hëllef ze leeschten an ee betraffene Schüler esou séier ewéi méiglech a medizinesch kompetent Hänn ze bréngen. A grad dorëms geet et jo; a Gesondheetsfroen gëtt ee sech net mat dem Zweetbeschten zefritten. Wann ee Kand no enger epileptescher Kris säi Medikament an der Schoul krut, da gi seng Eltere mat him nawell direkt bei

den Dokter. Dat ass némme normal a richtege, émsou méi wann ee medizinesch net fachkënnge Mënsch an der Schoul di éischt Hëllef geleescht huet. Dass dee no der Opfaassung vun de Ministere Mutsch a Meisch lo och nach d' Verantwortung ze droen huet, ännert dorunner wuel näischt.

Mee iwwerhaapt: Wier et net vläit eng Iddi, di Milliouen Iwwerschoss, déi eis Krankekeesen dat lescht Joer gemaach hunn, mol eng kéier am Interêt vun der Allgemengheet nees ze investéieren statt dass grad bei dem medizineschen Encadrement vun deene Leit geknéckt gëtt, déi den Här Minister Meisch dach eegens an d'Denomination vu sengem Ministère erabruercht huet, während gläichzäiteg schonn haart driwwer nogeduecht gëtt, déi Milliouen un d'Dokteren auszeschëdden, wéi wann deenen den Iwwerschoss geschëlt wier? Wier et net grad hei sënnvoll, sech um Ausland z'orientéieren oder souguer un enger Ecole européenne hei am Land, déi pro dausend Schüler eng Infirmière bzw. een Infirmier recrutéiert hunn? Wier dat net eng reell Plus-value zur momentaner medizinescher Drëttwelt an de Lëtzebuerger Lycéeën?

A wier et net schonn en éischte, sënnvollen, well zu konkrete Verbesserunge féierende Schratt, wann de Ministère de l'Education nationale fir seng Enseignanten bindend Éischt-Hëllef-Courses ubidden a regelméisseg opfrësche géing? Wann de Gebrauch vun deene söllechen Défibrillateuren, déi well iwwerall hänken, all puer Joer nei geübt géing ginn? Wier dat net mol wierklech eng Formation continue prioritaire?

Et geet hei em Verantwortung an et ass en Zeeche vun Aarmut, dass déi, di an dësem Dossier keng Verantwortung iwwerhuele wëllen, se no ënnen weiderdelegéieren ouni di néideg an appropriéiert Moyenen zur Verfügung ze stellen.

Mee wéi heescht et schonn am Lidd: „jo dat kascht och net sou vill.“